Miersch, de 15. Abrëll 2020

Régionale Mersch et environs
du Mouvement Écologique
13, rue Hurkes
L-7591 Beringen

**Un den Här Buergermeschter an de Schäfferot
vun der Gemeng Miersch**

**Château de Mersch
L-7501 Mersch**

***Betrëfft : Biodiversitéit op de Weeränner an der Gemeng Mersch***

Här Buergermeeschter, Dir Hären Schäffen

Wann een am Fréijoer duerch d'Dierfer an d'Gewan vun der Gemeng spadséiert oder fiirt, kann een nëmme staunen, wéi schéin et iwwerall lanscht d'Weer, Trottoiren, Velospisten a Stroosse blitt, wéi no den éischte Fréijoersblummen, déi aner Summerblummen lues a lues wuessen an an d'Bléi kommen. Beien, Kiewerlécken a Päiperlécken fléie vu Planz zu Planz an d'Vullen fannen Nahrung, siew et Planzen oder Insekten. Et as fir jiddereen eng Freed wat do lanscht eis Weer sou wiisst a blitt.

***<u>Mee dann:</u>***

Eng Kéier moies fréi, wann et grad am schéinsten as, geet et lass; mat ganz schwéierem Geschiirr récken d'Arbechter a grousse Manschaften un, an et gët geméit op Däiwel komm eraus. Bis de leschte Weerand nach just engem 2cm-héigem Golfterrain oder enger extremer Kurzrasenweide gläicht. An duerno a regelméissegen Abstänn ëmmer zelwecht bis an den Hierscht.

Mir stellen eis hei d'Fro: Muss dat wirklech sin?

An Zäiten, wou déi gréng Agrar-Flächen ëmmer méi intensiv bewirtschaft ginn, wou d'Grasflächen ëmmer méi fréi a méi heefeg geméit ginn, ginn d'Wee-Ränner ëmmer méi wichteg fir d'Biodiversitéit. Si sin quasi déi lescht Réckzuchsgebidder fir vill Insekten, Vullen a Planzen.

D'Thema Biodiversitéit schéngt an dëser Géigend nach nët ukomm ze sinn. Et geet nët duer fir en Insektenhotel mat engem Ar Blummewiss beim Schoulhaff z'aménagéieren. A fir de Rescht: eng kuerz geméite Wiss bis bei d'Gaardemauer, de Sportsrasen oder d'Blummebeet am Park oder de pikkegen Droht vum Bauer. Biodiversitéit as méi. Et as en Zesummespill vu ville verschiddenen, natirlech virkommende Planzen aus eiser Géigend, un déi sech d'Déierewelt an engem ganz lange Prozess ugepasst huet. Zesumme bilde si eis Natur déi mir kennen a schätzen, vun däer all Liewewiesen ofhänken an déi och mir brauchen.

Mir verstin, dass d'Mënschen e Propretéits- an Ordnungsbedürfnis hun, dass een d'Weeër nët kann zouwuesse loossen, mee et gin Alternativen zum Totalschnëtt!

- *De Fauchage tardif: hei gët nët permanent geméit, soubal d'Gras e bësse gewues as, mee et gët just 1-2 mol (a vereente Joeren, an op eenzelne Plazen, och 3 mol) pro Joer geméit, fir dass d'Planzen an d'Insekten eng Chance fir z'iwwerliewe a sech fortzeplanze kréien.*
- *D'Méiglechkeet vun engem alternative Méien an Abstänn: z.B. kënnt een 20 Meter méien, an dann erëm 20 Meter stoe loossen, an déi Kéier drop de Contraire.*
- *D'Méiglechkeet fir déi eng Kéier lénks lanscht d'Weeër an déi aner Kéier rechts derlanscht ze méien.*

An de Schoulen gin d'Kanner op d'Thematik vun der Biodiversitéit sensibiliséiert, mee och d'Erwuesse Leit bestin haut nët méi op just kuerz geméitem Gréngs lanscht d'Weeër. Längst gët de Wäert vun de klengen Inselen mat einfache wëlle Planzen a Blummen vu ville Leit erkannt an acceptéiert. A siew et och nëmmen wéinst hirer natirlecher Schéinheet.

Mir wiren Iech dankbar, wann dir als Gemeng, eist Uleies géiwt erkennen, ënnerstëtzen an un déi respektiv Servicer géiwt weiderleeden. Nach as et fir dëst Joer nët ze spéit!

Voller Hoffnung op Äer Ënnerstëtzung a mat beschte Gréiss!

*fir de Comité vun der Regional Miersch an Emgéigend*
*vum Mouvement Écologique*

*Pierrette Maas* *Anja Bauer* *Patrick Weyrich* *Edmond Haas*

*Bernd Jodocy* *Geneviève Faber* *Laurent Schaus*

*Copie zur Informatioun un*

- *den Ëmweltberoder vun der Gemeng Miersch*
- *de Sicona*
- *de Ministère du développement durable et des infrastructures, responsable de la mobilité douce (Velosweeër)*

Beispiller aus der Mierscher Gemeng



*Wee op Eelenter*



Veloswee bei der Reckener Kläranlag


Strooss vu Recken op Miersch


Foussgängerwee tëscht Miersch Lankheck a Recken

Schon existéierend oder méiglech Beispiller fir d'Gemeng Miersch


Abrëll 2020 zu Miersch


z.B. lanscht Veloswee


Méiglech op méi naasse Plazen


An op méi drëchene, sonnege Plazen